

© Photothèque de la Ville de Luxembourg

*Den Auteur am Verkéiersdéngscht (1958)*

## 1958 bis 1991:

# Eng Karriär an der Police

„D'Geld louch op der Strooss: All Woch hu mer misse Sécherheetsdéngscht beim Geldtransport maachen. Dësen Transport ass normalerweis vun der Banque de Belgique an eng aner Bank gemaach ginn. Den Auto vun der Marque Citroën 11 CV ass mat Geldsäck voll geluede ginn, a ganz oft huet d'Mall missen mat Schwong zougeschloe ginn, well d'Jongen alt erëm iwwerlueden haten. Dëse Won hu mir mam Policeauto hannendrun bis bei déi nächst Bank ofgesëchert. Bei der Spuerkeess an der Avenue de la Liberté spréngt d'Mall vum Geldtransfer op, ee Sak fällt eraus, an den Deckel klappt erëm zou. Mir si stoe bliwwen, hunn de Sak opgelueden a sinn hinnen nees nogerannt. Kee vun de Bänker hat iergendeppes gemierkt. Wou se awer op der Gare ukoumen, ass natierlech déi total Panik ausgebrach. Ee Sak huet gefeelt. Mir konnten d'Kollege vum Geldtransport berouegen: de Sak, an deem ongeféier 10 000 000 Frang waren – wat och haut nach eng schéin Zömmche wier – wor jo an eisem Déngschtauto. Ende gut, alles gut!"



© Privatarchiv vum Auteur

*En normalen Aarbechtsdag bei der Verkéierspolizei*



*Eist Kommissariat an der Arsenalstrooss (1962)*



© Photothèque de la Ville de Luxembourg

*„No dëse schrecklechen Interventiounen huet een da missen der Famill oder de Bekannten deen trageschen Onfall matdeelen."*

No der Oberprimärschoul am Joer 1953 sinn ech mat siwenzeng Joer bei d'Arméi gaangen. Zu Bitburg hunn ech zwielef Woche laang meng Spuntenzeit gemaach a sinn dunn an d'Ënneroffizéierschoul agetratt. Duerno gouf ech an d'Walfer Kasär fir Ausbilder vun den Zaldoten an der Garde versat. All Samschdeg hunn ech d'Relève vun der Garde virum Palais matgemaach. Laut Déngschtnote an der Arméi am Joer 1955 hunn ech dunn meng Kandidatur fir d'Police gestallt. Den 1. Januar 1956 sinn ech als Volontaire an d'Polizeischoul agetratt. Zur Iwwerraschung vun eis Alleguerten ware Polizei- a Gendarmerie-Kandidaten déi éischte Kéier zesummen, fir dëse Cours mat Examen ze absolvéieren. Ech muss soen, dass hei eng richteg Frëndschaft ënnert de Kollege vu Polizei a Gendarmerie entstanen ass, obwuel zu deemools zwëschen deenen zwou Verwaltungen net déi bescht Kommunikatioun an Zesummenarbeecht bestanen huet. Mir wollte versichen dat ze äneren. Nodeem dass mer den Examen de 27. an 28. Mai 1957 gepackt haten, konnten d'Gendarmerie-Kandidaten alleguerten ugestallt ginn, mee bei der Polizei konnte nëmme véier Polizisten den Déngscht untrieden, well keng Plaze méi fräi waren. Et huet missen en neit Gesetz gestëmmt ginn, fir dass mir eis Ustellong kruten, wat awer bis zum 28. August 1958 gedauert huet.

Ech si mat fënnef anere Kollegen an der Stad Lëtzebuerg um Commissariat Central (fréier Eck Avenue de l'Arsenal-Boulevard du Prince) agestallt ginn. Mir si vum deemolege Kommissär Eugène Bertrand, Chef vum Commissariat Central, empfaange ginn, deen eis iwwert den Déngscht innerhalb vum Kommissariat Opklärong ginn huet. Déi erfuere Polizisten hunn eis bei den éischten Déngschthandlungen (Protokollen a Berichter) mat hirem Rot a Wëssen zur Säit gestanen. Mir sinn direkt an déi verschidde Servicer agesat ginn, an ech koum an de Service de la Circulation.

Um Kommisariat selwer waren deemools 106 Polizisten ugestallt. Am ganze Land waren et der 228. Véier Offizéier hunn eis Direktioun geleet. Am Verglach: Um Commissariat Central an an de Sous-Kommissariater sinn haut 299 Leit am Déngscht, an am ganze Land ginn et haut ronn 1 700 Polizisten.

## En normalen Aarbechtsdag bei der Verkéierspolizei

All Dag hu missen wéinstens fënnef Verkéiersposten gemaach ginn, an zwar op de Kräizungen Pôle Nord (Boulevard Royal – Avenue Marie Thérèse), Boulevard Royal – Avenue Monterey, Boulevard Royal-Grand-Rue an op der Gare de Schwender (Avenue de la Gare-Boulevard d'Avranches), den Hotel Staar (Avenue de la Liberté / Rue de Strasbourg) a Paräiser Plaz. Dës Poste si mueres vun halwer aacht bis halwer néng a vun halwer zwielef bis halwer eng besat ginn a mëttes vun halwer sechs bis halwer siwen. Et waren deemools nach keng Verkéiersluuchten an der Stad Lëtzebuerg an am Rescht vum Land installéiert. Wann also ee vun dëse Posten ausgefall ass, da war de Stau an der Stad virprogramméiert.

Et huet een also mueres vun halwer aacht bis halwer néng „en tenue correcte" de Verkéier geregelt, an duerno goung et zu Fouss op Verkéierspatrull, wou Stroossen an der Stad an op der Gare virgeschriwe waren. Um zéng Auer dann zréck op de Kommissariat an der deemoleger Arsenalstrooss (haut: Avenue Emile Reuter), fir Schreiwereien ze maachen. A Schreifmaschinne waren e raren Artikel! Vun halwer zwielef bis halwer eng dann nees Verkéiersposten an duerno heem iessen. Mëttes dann nees dee selwechte Rhythmus.

Deemools ass och nach de Stater Tram gefuer, deem seng lescht Linn 1964 stëll geluecht gouf. Beim Schwender war et besonnesch geféierlech fir Verkéierspolizisten, well een do tëschent deenen zwee Gleisen matten an der Kräizong stoung.

1960 koum ech an d'Verkéiersopklärung a war zoustänneg fir d'Ausbildung vu Schülerlotsen a Kasperltheater an de Spillschoulen an am Primaire zu dësem Thema. Den Héichpunkt war all Joer am Theater, wou ronn 500 Schüler vun der Spuerkeess eng Spuerbéchs mat 500 Frang iwwerreecht kruten a wou mir dann eist Kasperlstéck virgefouert hunn.

## Revéierdéngscht

1964 sinn ech an de Revéierdéngscht Gare-Hollerech agedeelt ginn. Op dësem Kommissariat si Kloen opgeholl, Demanden an Erneierongsdemanden fir Friemekaarten oder Waffeschäiner, Nountersuchunge vu Protokoller, Zoustellunge vun Geriichtsurteeler, Zeien op d'Geriicht zitéieren, Dierwirchterzoustellungen asw. gemach ginn. Déi éischt Méint hunn ech en etlech Kollegen, déi am Congé oder krank waren, ersat, bis ech du selwer e Revéier zu Gasperech an Zéisseng kritt hunn. Dat wor e grousse Virdeel, well ech vu Gasperech war an och do gewunt hunn. Eist Kommissariat war deemools an der Hollerecher Strooss. Duerno si mer an déi al

Schoul Hollerecher Schoul vis-à-vis vun der Kierch geplënnert. Do hu mer eisen éischten Déngschtauto kritt, e Peugeot. Eis Zouständegkeet war deemools de Garer Véirel, Hollerech, Gasperech, Zéisseng, Belair a Märel. D'Kommissariat war vun aacht bis zwielef an vun zwou bis sechs fir d'Leit op.

## En Af am Auto

Ech hat Déngscht um Büro. Nomëttes kënnt e jonken Här an d'Kommissariat era gerannt a seet ganz opgereegt, hien hätt en Af am Auto sëtzen, déeen him awer net gehéiere géng. Dës Matdeelung war fir mech e bësse surrealistesch, an ech hu gemengt, deen Här hätt se net méi all beieneen. Ech hunn eisem Chef Bescheed gesot, deen dës Geschicht och net gleewe konnt. Mir sin mam Mann bäi sein Auto gaangen an hunn do wierklech e klengen Äffche gesinn, dee bannendrann ewéi geckeg hin an hir gesprongen ass. De Mann huet eis erklärt, dass hie säin Auto an der Neyperg-strooss stationnéiert hat, an déi hënnescht Fenster wier opgewiescht, an do wier den Af eragesprongen.

Ech hu probéiert, deen aartleche Kadett am Auto anzefänken, mee en huet mech ugefaucht a gebass. Wat maachen? Mir haten eng Garage um Kommissariat, hunn den Déngschtauto erausgesat, de Mann ass mat sengem Auto eragefuer. Autosfënster op, a schon hate mir den Äffchen an der Garage sëtzen. Mee wat elo? Ech hat dunn d'Iddi, fir RTL unzeruffen, a scho goung déi ganz Story mat vill Humor iwwert d'Antenn. No enger Stonn huet sech e Mann vun der Gare gemellt a gesot, säin Äffchen wär him durch d'Bascht gaangen. Den Af ass du mat vill Geschéck agefaange ginn, an säi Besëtzer war natierlech iwwerglécklech, säin Déiercchen erëm ze hunn.

## Poste d'Alerte

Nieft eisem Déngscht am Sous-Kommissariat sinn nach aner Aarbechten um Commissariat Central ugefall, an zwar den „Überfall-Kommando“ oder de „Poste d'Alerte“. An deene verschiddenen Abteilungen hu Verkéiers- a Revéierbeamten an och där vun der Liewensmëttelkontroll, déi deemools dem Kommissariat zougedeelt waren, wéinstens een oder zweemol d'Woch Fréi- oder Speitdéngscht misse maachen. Déi meescht Beamten hunn och nach all drëtt oder véiert Woch aacht Deeg Nuetsdéngscht, vu freides op Freides, gemaach. Op all dëse Schichten hat een et mat Verkéiersongläcker, Déifställ, Suiziden, Brand, Kläppereien an Drogendelikter ze dinn. Besonnesch an deenen éischten Déngschtjoren huet ee sech oft missen iwwerwannen, all dee Misär ze gesinn. Deemools ass bei all deenen Urgencen den Telefon 254 54 (Police) oder 20811 (Gendarmerie) gedréint ginn, well den Noutruff 112 oder 113 nach net bestanen huet. Et wor een also quasi ëmmer als éischten op der Plaz. No dëse schrecklechen Interventiounen huet een da missen der Famill oder de Bekannten deen trageschen Onfall matdeelen. Dobäi huet ee misse vill Takt a Gefill un den Dag leeën, an trotzdeem ass et oft zu dramateschen Szene komm.

## Octroishaischen

Op der Paräisser Plaz stoung bis 1975 nach dat aalt Octroishaischen, dat am Nuetsdéngscht vun der Police vu néng Auer owes bis fënnef Auer mueres besat ginn ass, fir bei Schwieregkeeten am Garer Véirel méi séier an dëse Stroossen präsent ze sinn. Deemools waren op der Gare och nach véier Kinoen, déi vun eis kontrolléiert gi sinn. Wann de Film fir Jugendlecher net erlaabt war, hu mer an der Paus missten hiren Alter kontrolléieren.

Nodeems de Sous-Kommissariat op der Paräisser Plaz ofgerappt gouf, ass de Büro an d'Stroossbuerger Strooss verluecht ginn. An de Jore 1958 bis ongeféier 1970 si mer op Patrull vun zwee MP- Zaldoten vun der amerikanischer Arméi verstäerkt ginn. An dëser Zäit sinn nämlech vill Zaldoten, déi zu Spangdahlem a Bitburg stationéiert waren, op Lëtzebuerg komm, fir d'Nuetsliewen hei ze genéissen.

## Fuhrpark an Déngschtvelo

Am Joer 1958 bestong eise „Fuhrpark“ aus zwou Willys Jeepe mat iwwer 200000 Kilometer um Tacho, enger VW-Camionette, engem amerikanesche Jeep vun der Arméi an engem Motorrad mat Sidecar. Mir waren obligéiert, en Déngschtvelo ze hunn, dee mer eis selwer hu misse kafen, a mir kruten duerfir eng Entschädegung vu 400 Frang (10 Euro) d'Joer. All Joer war Kontroll vun eise Veloen. Mëttes um halwer zwou, wéi ech um Kommissariat ukomm sinn, hunn ech mat Schrecke festgestallt, dass ech mäi Velo vergiess hat. Ech si bei mäi Frënd op de Fundbüro gaangen, hu mir do e Velo geschnaapt an dunn ouni Problem d'Inspektioun matgemach. Duerno ass en erëm dohinner zréck gesat ginn, wou ech en hir hat.



Eist Kommissariat an der aler Hollerecher Schoul



© Photothèque de la Ville de Luxembourg

Volkswagen T1 Enn de fofzeger Joren



Éischt Équipe vun der Police an de siwenzeger Joren

*„Et huet mer ni leed gedoen, dass ech mech fir de Beruff vum Polizist entscheet hat. Ech hat an all deene Joren vill schéi Momenter, awer och geféierlecher an tragescher, mee dat wat ech do erlieft hunn, erfëllt mech haut nach mat Satisfaktioun. Ech mengen, dee Beruff ass a bleift eng permanent Schoul fir d'Liewen."*



© Privatarchiv vum Auteur

Schéissmoniteuren: De Rocky an de Rosch an Aktioun

## Fueszäit

An de fofzeger an uganks de sechzeger Joeren huet an der Fueszäit all Fuesgeck, dee verkleet war, missen eng Taxe un d'Gemeng Lëtzebuerg bezuelen. Um zéng Auer owens si mer mat der Arméijeep op Patrull gefuer, fir déi Maskekaarten ze verkafen. D'Lëscht vun de Baler hu mer vun der Stad Lëtzebuerg schrëftlech matgedeelt kritt. Deemools war wierklech eng lass, an et si bis zu 500 Maskekaarten an engem Owend verkaaft ginn.

Mir hunn an där Zäit och ee bis zweemol d'Woch als Zeien op d'Geriicht misste goen, well de Verhéier vum Beschëllegten oder d' Kloen, déi gemaach gi sinn, net ënnerschriwwe waren. Dat huet sech awer am Joer 1978 geännert, an et si Formulären ausgeschaft ginn, déi de Beschëllegten oder de Kläger selwer ënnerschriwwen huet.

Fréier hu mir och nach missten zwee Exame maachen, fir de Grad vu Brigadier a Kommissär ze kréien.

## Schéisschoul zu Paräis

Mat zwee anere Kollege vun der Police an dräi Beamten vun der Gendarmerie sinn ech 1975 an eng speziell Polizeischéisschoul op Paräis geschéckt ginn, fir eng nei Schéisstechnik als Moniteur de Tir ze léieren. Virdrun ass ëmmer nëmmen um Schéisstand am Reckendall op kleng Scheiwen, ongeféier 50 x 50 cm, geschoss ginn, an zwar am Stoen op enger Distanz vun zéng a fofzéng Meter. Dës Method huet awer ni der Realitéit entsprach. Dat sollt elo anescht ginn. Nodeems mer d'Autorisatioun vun der Direktioun kritt haten, ass déi nei Schéisstechnik de Kollege bäibruecht ginn. Dëst Schéissen hat virun allem vill méi der Realitéit dobaussen am Déngscht beim Gebrauch vun der Waff entsprach. Et gong virun allem drëm, dem Beamten am Eeschtfall méi Sëcherheet fir sech selwer an dem Géingtiwwer ze bidden. Wéi mer dës Méthode agefouert hunn, waren déi eeler Kollegen net frou, well een sech huet hei beim Training mussen op d'Knéie sëtzen oder op de Buedem leeën, an dat wor net ëmmer dat Gielt vum Ee, besonnesch fir déi al Schanken.

## Sport an der Police

Wéi ech am Joer 1958 bei d'Police agetratt koum, gouf et just eng Sportsektioun, déi Fussball gespillt huet, an där ech direkt opgeholl gouf. Mir hunn international an national Matcher ausgedroen. Dat internationalt Treffen vun ausländesche Policekollegen, d'„Journée Franco-Belgo-Luxembourgeoise", wor hei zu Lëtzebuerg ganz bekannt. Fir d'éischt gouf Fussball gespillt géint d'Kollege vu Metz an Arel, da war e Banquet, an duerno ass am Cercle dee berühmte „Policebal" ofgehale ginn. Spéider krute mer och Kontakt mat de Poliziste vu Brëissel an Tréier a sinn och géint si ugetrueden.

De 16. Juni 1985 ass eng zweet Sektioun, den Tennisclub an der Police, gegrënnt ginn. Hei sinn nëmmen international Matcher gespillt ginn, z.B. zu Knokke-Heist, Weissenburg / D. an zu Tréier. Dëse Club huet awer och un dräi Europameeschterschafte vun der Police deelgeholl, an deenen se sech gutt klasséiert haten. Ech selwer sinn haut nach aktiv a spillen déi meescht Matcher mat.

Am Joer 1984 hunn ech de Kommissariat Gare-Hollerech um Commissariat Central an der Glesenerstrooss mat sechs Revéierbeamten iwwerholl. All Mount hu missten 500 bis 600 Schrëftstécker erledegt ginn. A bis zu menger Pensioun ass och ganz vill „Spezialdéngscht an enger méi spezieller Affär" op eisem Kommissariat gemaach ginn.

Et huet mer ni leed gedoen, dass ech mech fir de Beruff vum Polizist entscheet hat. Ech hat an all deene Joren vill schéi Momenter, awer och geféierlecher an tragescher, mee dat wat ech do erlieft hunn, erfëllt mech haut nach mat Satisfaktioun. Ech mengen, dee Beruff ass a bleift eng „permanent Schoul fir d'Liewen".

René Bous